

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 8. September 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Gesondheetsminister weiderzeleeden.

Et héiert een, datt d'Dokteren, déi mat de Spideeler hei am Land schaffen, keng Entschiedegung kréien, wa si am Noutdéngscht Permanence maachen. Dat ass eng extrem ustrengend Aarbecht meescht iwwer 24 Stonnen, mee de facto kënnen d'Dokteren dobäi zwee Deeg laang hir eege Praxis net ophalen.

An deem Kontext hätt ech dës Froen un d'Madamm Gesondheetsminister:

1. Ass sech d'Madamm Minister de Konditioune bewosst, ënnert deene Spezialisten an de meeschte Spideeler hei am Land de Noutdéngscht maachen?
2. Wat sinn d'Bestëmmungen iwwert d'Dauer vun där Permanence an d'Rouzäiten?
3. Wéi sinn déi Permanencen a besonnesch d'Entschiedegungen am CHL geregelt, wou d'Doktere jo, anescht wéi an deenen anere Spideeler, fest ugestallt sinn?
4. Wat wëll d'Madamm Minister ënnerhuele fir déi betreffen Dokteren ze entschiedeg, déi de Noutdéngscht jo am Intressi vum ganze Land maachen?

Mat déiwem Respekt,



Jeff Engelen
Deputéierten